


# RADIOAMATEURS DU LUXEMBOURG

Section Luxembourgeoise de l'I.A.R.U.

Membre Fondateur de l'I.A.R.U.





## Série spéciale

Grande-Duchesse Maria Teresa,  
Princesse Alexandra  
et Prince Sébastien



[www.postphilately.lu](http://www.postphilately.lu) • 4088 8840

## Sommaire 1/16

<b>Page</b>	<b>Titre</b>	<b>Auteur</b>
ii	Publicité Post Luxembourg	Post
1	Sommaire 1/16	LX1JU
2	Organisation et Services du RL	LX1JU
3	Préface	LX1JU
4-15	RL Assemblée Générale 2016	LX1JU
16-27	Rapport de l'AG 2016 en français	LX1FC
28	Rapport vum QSL Bureau 2015–2016	LX1CX
29	Rapport vun de Keesserevisoren	LX1FC
29	Rapport Cours de préparation an Examen 2015-2016	LX1MA
30-31	EMC, PLC, CEPT, TVI/ITV	LX1MA
32	Rapport iwwert d'Homepage vum RL	LX1OM
33	Publicité SAM	SAM
34-35	Rapport 2015 vum Award an LX HF Marathon–Manager	LX2A
36-37	VHF, UHF, SHF, ATV, EME, Beacon	LX1DB
38-39	APRS Rapport 2015	LX1KQ
39	Publicité mybus	mybus
40-45	6m report 2015 / 4m report 2015	LX1JX
46-47	Voice Repeaters LX0LU / LX0HI	LX1JU
47	Publicité Hôtel Christophe Colomb	Hôtel C.C.
48-49	Rapport 2015 vum DVC-Working Group	LX1JM
50	Packet-Radio / HAMNET / Echolink	LX1TB
51	Publicité Wimo	Wimo
52	Publicité Antennes Kirsch	Ant. Kirsch
53-54	Rapport JOTA / Scouts 2015	LX3GR
54-55	JOTA 2015	LX1K
56-57	Rapport ARDF	LX1JU
57	Publicité Schaller	Schaller
58	Rapport 2015 vun der Emergency Communication WG	LX1HP
59	SAARLORLUX-Amateurfunktag 2015, ein voller Erfolg	DK4XC
60-62	QRP Antenn fir 2M//70CM	LX1CU
63	Grillfest den 5. Mee 2016	LX1JU
64-65	LXFF - World Wide Flora and Fauna in Luxembourg	LX1CC
66-67	RL Short infos	div.
68	Publicité RZ Locations	EJR-Ries
69-70	Photos projets	div.

### **Bulletin du RL**

Revue biannuelle des Radioamateurs du Luxembourg a.s.b.l.

Edition 1/16 du premier semestre 2016

Imprimé par « UNIJEP Luxembourg »

# Organisation et Services du RL

Président d'Honneur: Josy Kirsch sen. LX1DK

Membres d'Honneur: Jean Spautz  
Edmond Toussing  
Heinz Nauerz DK4XC

## Comité

Président	Mich Friederich	LX1KQ	Membre	Armand Erpelding	LX1MA
Vice-Président	Jean-Claude Duhr	LX1CU	Membre	Romain Weber	LX1RW
Secrétaire	Dan Jungels	LX1JU	Membre	Arsène Thill	LX1TB
Trésorier	Luc Engelmann	LX1IQ	Membre	Carlo Trezzi	LX1TI
Membre	Christian Flora	LX1FC	Membre	Philippe Luty	LX2A

## Managers

Awards	LX2A	Members Relations	LX1CU
Beacon and Repeater Coordinator	LX1DB	Pins, Stickers, Badges and Flags	LX1CU
Digital Communications Coordinator	LX1TB	QSL-Service Incoming & Outgoing	LX1CX
EMC, BCI, TVI	LX1MA	Relationship with Administrations	LX1FC
Exam preparation	LX1MA	RL Library	LX1IQ
IARU Relationship Officer	LX1KQ	Shack Coordination	LX1GG
JOTA / Scouts	LX3GR	SNJ	LX1RA
Insurance	LX1IQ	VHF, UHF, SHF Manager	LX1DB
LX Callbook Update & Publication	Comité	Webmaster rlx.lu	LX1OM
LX-HF Contest	LX2A	Youth Coordinators	LX1RS / LX1FC

## Working Groups

APRS	LX1KQ, LX1CU, LX1TB
ARDF	LX1JU, LX1MA, LX1FC
ATV	LX1PL, LX1JM, LX1DB
Bulletin Editor	LX1JU, LX1FC
Digital Voice Communications	LX1IQ, LX3JL, LX1JM, LX1TB, LX1KX, LX1CU
Emergency Communication	LX1HP
Packet-Radio (AX.25+TCP/IP) HAMNET	LX1TB, LX1JU, LX3GR, LX1KQ
QST-Transmission	Comité RL
Voice Repeater	LX1JM, LX1PL, LX1JU, LX1JX, LX1KQ, LX1CU, LX1TB, LX1MA

Pour plus d'informations sur les différents Working Groups veuillez contacter le WG coordinateur  
Arsène Thill LX1TB (lx1tb@rlx.lu).

## Réunions, Divers

### **Réunions mensuelles avec collecte et distribution des cartes QSL:**

- le premier mercredi de chaque mois, sauf mars et août, à partir de 19h30 dans la salle au premier étage du Café « Am Musée », 38, rue de Crauthem à Peppange.
- Réunion « Soirée Club » à Eisenborn chaque dernier vendredi du mois à partir de 19h00.

**Emissions QST:** chaque dernier vendredi du mois à 20h00 sur LX0LU et LX0HI, rediffusion le dimanche après le dernier vendredi du mois à 11h00.

**Compte du RL:** IBAN LU11 1111 0321 8780 0000 (BIC : CCPLULLL)

**Déclarations de sinistres:** déclaration au trésorier qui transmettra, le cas échéant, à notre assureur, AXA Rob Claude, 37 Grand-Rue, L-3730 Rumelange, Tél.: 560456

**Informations du RL pour non-membres:** Jean-Claude Duhr LX1CU (Tél.: 889282)

**Page web du RL:** <http://www.rlx.lu/>



## Préface

Chères YLs, XYLs, chers OMs, chers membres,

Vous tenez en main la première édition du Bulletin pour l'année 2016, donc celle qui incorpore traditionnellement les rapports sur l'année passée, et qui élabore les sujets traités lors de l'assemblée générale de notre association.

Il y a sûrement un sujet digne d'être mentionné ici : 36 ans après la dernière nouvelle allocation d'une bande HF pour le service radioamateur, lors de la WRC-15 après de négociations très difficiles, la bande de 60m nous a été attribuée. Actuellement seulement un compromis de 15 kHz a été possible, avec une puissance d'émission très réduite. Ce sera donc une bande probablement très intéressante pour expérimenter, mais il devra s'avérer si elle sera très utile dans le quotidien. Vu la largeur de la bande très réduite, il faudra espérer que la discipline et le respect mutuel seront à l'ordre du jour. On pourra toujours espérer que dans un futur plus ou moins lointain une extension sera possible si les utilisateurs primaires dans les pays qui ont fait opposition à l'allocation prévue changeront sur des technologies plus modernes. Vous recevrez toutes les informations nécessaires dans nos émissions QST et sur la page web, quand la bande sera finalement autorisée aussi en LX.

Au niveau des diplômes américains c'est aussi une bonne nouvelle que le DXCC, WAS et WAC sont maintenant accessibles aux radioamateurs luxembourgeois avec un travail administratif facilité, comme vous pourrez le lire plus loin – il reste évidemment à faire les contacts nécessaires ainsi que l'échange des QSL.

Pendant l'année passée, beaucoup de travaux ont été réalisés par les différents Working Groups du RL, plus ou moins visibles par le grand public. On peut par exemple mettre en avant le réflecteur du groupe DVC, utilisé entretemps dans un certain nombre d'autres pays. Les différents rapports vous donnent plus d'informations sur ces sujets.

On pourra aussi encore mentionner qu'un certain budget a été prévu pour aider au financement d'activités organisées par nos membres. Certes il y a quelques conditions à respecter, mais ceci pourrait tout de même inciter des gens à éventuellement élargir leur petit Fieldday personnel ou de prévoir une participation à un Contest en groupe. N'hésitez pas à contacter le comité pour présenter votre projet !

En espérant que tout le monde puisse y trouver des thèmes qui l'intéressent dans notre passe-temps diversifié, je vous souhaite une bonne lecture de ce Bulletin!

Dan LX1JU

# RL Assemblée Générale 2016

## 1. Allocutioun vum President

De President LX1KQ huet d'AG den 13. Mäerz 2016 um 16:10 zu Peppeng am Sall um 1. Stack vum Restaurant "Am Musée" opgemaach an déi 46 Memberen déi de Wee trotz dem gudde Wieder op Peppeng fonnt haten, dorënner och den Éieremember Heinz DK4XC, begréisst. Speziell huet hien och d'Gäscht Claude ON7TK, President vun der UBA, a seng XYL Carine ON7LX, souwéi den Vlad UA4WHX a seng XYL Irina WA4WHX wëllkomm geheescht.

Hien huet ee kuerze Résumé vun deene wichtegsten Aktivitéite vum Joer gemaach, an ass op déi wichteg Roll vun der IARU fir d'Funkamateuren agaang. Schlussendlech huet en alle Leit Merci gesot déi am Laf vum Joer eng Hand am Club mat ugepak hunn.

## Statiounen zu Lëtzebuerg a Membroszuelen

Zanter der leschter AG ordinaire huet leider folgende Member eis an d'Reien vun de Silent Keys verlooss:

- Nico Hoffmann (LX1IT), Lizenz zanter 1991, Member zanter 1987

D'Versammlung huet dem Nico eng Minutt geduecht.

Et ginn awer natierlech och méi erfreeslech Nouvellen. Zanter der leschter AG huet den RL och rëm e puer nei Membere bäikritt, an zwar an alphabetescher Reiefolleg vun de Ruffzeechen:

- EA1YN      Josep Lluís Luque Puértolas
- LX1CHD    Chad Hickenbotham
- LX1KM     Michel Fries
- LX1KP     Krzysztof Pilasiewicz (\*)
- LX1KR     Mike Krier (\*)
- LX1TR     Roland Thill
- LX6ES     Erik Schumacher (\*)
- LX6OT     Tobias Oest

Déi 3 nei Memberen déi op der AG présent waren (\*) kruten ee klenge "Cadeau de Bienvenue".

## 2. Rapport vum Secrétaire

De Secrétaire LX1JU huet e puer Statistiken an Informatiounen iwver de Club presentéiert.

Am Allgemengen hat den RL d'lescht Joer 2015 folgend Memberszuelen ze verzechnen:

Normal a gratis Memberen:

<u>Grupp</u>	<u>Total</u>	<u>(Dovu SK)</u>	<u>Cotisation pleine</u>	<u>Famillje-Cotis.</u>	<u>Studente-Cotis.</u>	<u>Cotis. Spéciale</u>	<u>Gratis</u>
LX0	36						36
LX1-3	293	(1)	274	12	6	1	
LX4-5,7-8	5					4	1
LX6	3		2	1			
LX9	19					10	9
Ouni Ruffz.	4		4				
SWL	1		1				
Aner Ruffz.	15		12			2	1
<b>Total</b>	<b>376</b>	<b>(1)</b>	<b>293</b>	<b>13</b>	<b>6</b>	<b>17</b>	<b>47</b>

Memberen déi d'Cotisation net méi bezuelt hunn:

<u>Grupp</u>	<u>Total</u>
LX1-3	26
LX4-5,7-8	2
Ouni Ruffzeechen	3
Aner Ruffzeechen	1
<b>Total</b>	<b>32</b>

All lizenziéiert LX-Statiounen (laut deenen Informatiounen déi dem Comité zur Verfügung stinn):

<u>Grupp</u>	<u>Total</u>	<u>(Dovun SK)</u>	<u>Abandon</u>	<u>Lizenziéiert</u>
LX0	36			36
LX1-3	519	(4)	6	513
LX4-5,7-8	10			10
LX6	6			6
LX9	22		1	21
SWL	4			4
<b>Total</b>	<b>597</b>	<b>(4)</b>	<b>7</b>	<b>590</b>

Et ka sinn, dass des Zuelen net méi 100% richtig sinn, well den RL leider aus verschiddenen Grënn a Relatioun mam Dateschutz d'Informatiounen am Moment net méi systematesch vum ILR kritt.

## **Réunioune vum Comité**

De Comité war vu Mäerz 2015 bis Februar 2016 13 mol zesumme komm. Eng ganz Partie Saache sinn och iwwer E-mail diskutéiert ginn, wat heiansdo zu relativ staarken E-mail-Welle geféiert huet, wann dringend Saachen hu mussen traitéiert ginn, déi net méi bis déi nächst Comité-Versammlung konnte waarden. Et ass och dem Christian LX1FC Merci gesot ginn, hien huet bei enger Partie administrativen Aarbechten dem Comité eng Hand mat ugepak.

## **Informatiouns-Medien vum Club**

D'lescht Joer war d'QST Emissioun 10 Mol fir d'Memberen iwwer Neiegkeeten am Club z'informéieren. Se war prinzipiell all leschte Freiden am Mount. Am Juni war keng QST Emissioun well net genuch Neiegkeeten do waren, an am Dezember ass keng gemaach gi, well déi meescht Leit do souwiso traditionell rondrëm d'Feierdeeg mat anere Saache beschäftegt sinn. Et ass dem Frank LX1MG a Vic LX1VJ villmools Merci gesot ginn dass si och dëst Joer rëm all d'QST Emissioun virgedroen hunn.

Nei wäert am Laf vun dësem Joer sinn, dass d'QST Emissioun vu Freides och nach eng Kéier Sonndes nom leschte Freiden am Mount um 11 Auer moies "rediffuséiert" wäert ginn.

Eng weider Methode vum Comité fir Informatiounen un d'Membere weider ze ginn ass d'Homepage vum RL. De Marc LX1OM huet déi och am leschte Joer gepflegt an up-to-date gehal. Et ass dem Marc Merci gesot gi fir all déi vill Zäit déi hien dran investéiert huet, an all d'Ännerungen déi hien ëmmer séier gemaach huet.

Well de Comité Feedback krut, dass dat net immens iwwersichtlech op der Homepage ass fir einfach d'PDFen vun der QST Emissioun ze publizéieren, an et schwiereg ass do eppes rëm ze fannen, wäert d'QST Emissioun net méi integral op der Homepage publizéiert ginn. Déi eenzel Themen ginn an Zukunft als klengen Artikel op d'Homepage gesat. Well et kee Sënn mécht fir d'Saachen duebel ze publizéieren fält domat dann de PDF wech.

## **Aktivitéiten vum Club**

Et ass ee kuerze Resumé vun de gréissten Aktivitéiten déi am Laf vum Joer u stoungen gemaach ginn:

- Vum 1. bis den 30. Abrëll 2015 huet den RL mam Sonder-Ruffzeechen LX90IARU un den internationalen Festivitéite vun der IARU deelgeholl. Detailler heizou stounge schon am Bulletin 2/15.

- De 14. Mee 2015 (Christi Himmelfahrt), war dat mëttlerweil schonn traditionellt Grillfest zu Esebuer wat rëm Succès hat. Dofir wollt de Comité dat och dëst Joer rëm sou organiséieren.
- Den 30. Mee war den RL op de Congrès annuel vun der UBA zu Mons an der Belsch, also hir Assemblée generale, invitéiert an och do vertrauden.
- Vum 12. Mee bis Enn Juni war eng Ausstellung am Postmusée an der Stad iwwer Morse-Code, wou den RL gehollef huet bei de Preparatiounen an dem Material fir auszustellen.
- De Weekend vum 16. a 17. Mee war am Postmusée ee Workshop iwwer Morse-Code deen den RL, am Kader vum “Weekend des musées”, geleet huet.
- Vum 26. bis den 28. Juni 2015 hat den RL rëm ee Stand zu Friedrichshafen op der Ham Radio. Et ware Leit vun Donneschdes Owes, fir opzeriichte, bis Sonndes Mëttes présent. De Comité huet och rëm u verschiddene IARU-Versammlungen déi do organiséiert ginn deel geholl. Am Moment lafen och scho rëm d’Preparatioune fir de Stand dëst Joer e bëssen anescht ze realiséieren.
- Vum 7. bis den 10. August war déi länneriwwegräifend Aktivitéit LX9YL am Shack zu Esebuer déi vum Sophie F4DHQ (Member am RL) organiséiert war, a wou den RL Support gelescht huet.
- De 17. an 18. Oktober war den traditionellen Jamboree On The Air.
- De 14. November 2015 war den RL och rëm mat engem Stand um SAARLORLUX-Amateurfunktag zu Quierschied vertrauden. Dat Evenement war dëst Joer extra grouss opgezunn well den OV Q08 Gebuertsdag gefeiert huet.
- Vum 1. bis den 31. Dezember huet den RL beim Youngsters On The Air vun der IARU Region 1 matgemaach, wou ënner anerem och jonk Leit déi (nach) keng Lizenz hunn hier éischt QSOen konnte maachen.
- Déi traditionell Monatsversammlung zu Peppeng am Bauremusée war dëst Joer all Mount ausser am August. Wéi ëmmer war se och am Mäerz duerch d’AG ersat ginn.
- All leschte Freiden am Mount, ausser am Juni wéinst der Ham Radio, an och net am Dezember, war de Club-Owend zu Esebuer am Shack, wou de QSL Büro och présent war. Do war ënner anerem eng Kéier ee Kräizschelle-Workshop organiséiert ginn, wou d’Membere sech där selwer vu verschiddene Gréisste konnte bauen.
- De Bulletin ass d’lescht Joer och rëm 2 Mol rauskomm. Et ass deene Leit Merci gesot ginn déi gehollef hu mat Artikelen am Bulletin, an och deenen

déi eng Hand ugepaakt hu fir en all Kéier an d'Enveloppen an op d'Post ze kréien.

- An natierlech war och de Préparatiouns-Cours fir den Examen beim ILR op der Uni Lëtzebuerg um Kierchbiërg, deen dëst Joer zwar net sou gutt besicht war, mee trotzdem ofgehale ginn ass.

## **IARU**

Op internationalem Niveau ass d'lescht Joer weltwäit den 90. Gebuertsdag vun der Grënnung vun der IARU gefeiert ginn. D'Haaptaktivitéit war am Abrëll, well dat och de Mount vun der Grënnung zu Paräis war. Den RL war soumat vun Ufank bis Enn Abrëll mam Sonderruffzeechen LX90IARU QRV.

D'Initiative vun der IARU fir een neit Frequenz-Band rondrëm 5 MHz ze kréien war jo schonn d'lescht Joer op der AG virgestallt ginn. Am Laf vum Joer hat de Comité an dem Zesammenhang also e puer Réuniounen an Discussiounen mam ILR, fir d'WRC-15 (World Radio Conference 2015) ze preparéieren. D'Verhandlungen vun deene verschiddene Länner zu Genf ware schlussendlech awer zimlech schwierig, sou dass deen eenzeg méigleche Kompromëss ee Band vu just 15 kHz war. Wéi sou eng WRC ofleeft (a virun allem wat virdrun ofleeft) kann een am Bulletin 2/14 noliesen.

De Secrétaire vun der IARU Region 3, Ken Yamamoto JA1CJP, war och ee Weekend während der WRC hei zu Lëtzebuerg, wou e puer Comité-Memberen e bësse mat him iwwer verschiddenen Themen diskutéiere konnten, ënner anerem och iwwer d'Verhandlungen zu Genf.

Am Abrëll 2016 ass och ee IARU Region 1 Interim Meeting zu Wien, wou den RL zwar net perséinlech wäert present sinn, mee awer un déi verschidde Working Group Manageren Input ka liwweren. Am Géigesatz zu enger General Conference kann een op engem Interim Meeting net "par procuracy" wielen. De Comité huet déi verschidde Paperen awer duerchgekuckt, a kuckt wat da bei den Diskussiounen dobäi rauskënn.

## **ILR**

Den RL hat d'lescht Joer och rëm eng gutt Relatioun mam ILR. De Comité krut eng Partie Ufroen fir Avis'en zu verschiddenen Themen ofzeginn, an huet déi da probéiert séier ze beäntweren.

Den ILR ass am Moment amgang een neit Reglement iwwer d'Ruffzeechen zu Lëtzebuerg auszeschaffen, wou een Avis mat e puer Änderungsproposen vum Comité dozou ausgeschafft ginn ass.



Et ass am Moment och eng nei Versioun vun den Dokumenter ECC(05)06 (betreffend d'Novice Lizenzen) an TR61-01 vum ILR an Ausaarbechtung.

Den RL huet och eng Demande beim ILR gemaach fir en "accès anticipé" op d'5 MHz ze kréien. Laut WRC-15 soll dat nämlech réischt den 1. Januar 2017 de Fall sinn, mee den ILR ass awer d'accord fir dat zu Lëtzebuerg schonn éischer ëmzesetzen. Et wäert wahrscheinlech am Juni 2016 publizéiert ginn. Leider kréie mer awer och zu Lëtzebuerg nëmmen déi 15 kHz déi op der WRC festgehale gi sinn (5351.5-5366.5 kHz), mat enger maximaler Sendeleeschtung vu 15W EIRP. Et ass awer bemierkt ginn, dass den ILR ganz kollaborativ war, a keng Problemer gesinn hätt fir och manner restriktiv Limiten ze setzen. Leider war dat bei anere Länner an der Grouss-Region net de Fall, woufir dann och zu Lëtzebuerg nëmmen déi WRC-conforme Décisioun ëmgesat ka ginn. Et ass drun erënnert ginn, dass d'Funkamateuren den utilisateur secondaire vun dem Band sinn, den primaire also net stéieren däerfen!

### **Intern Informatiounen**

Bis elo krut jo all Member soubal en d'Cotisation bezuelt hat eng Pabeiers-Memberskaart fir dat aktuellt Joer Heem geschéckt. An der Zäit, wéi de Bulletin nach 4 mol d'Joer rauskomm ass, konnten d'Memberskaarten einfach mam Bulletin mat geschéckt ginn, ouni dass een zevill groussen Délai war. Zanter e puer Joer gëtt et jo awer just nach 2 Bulletin Editiounen pro Joer, sou dass d'Memberskaarten separat per Courrier verschéckt ginn, wat een net negligeablen Montant fir Enveloppen an Timberen ausmécht (zousätzlech zu de Käschten fir se drécken ze loosse), an virun allem och mat vill Aarbecht verbonnen ass. Dat ganz Schreiwen a Verschécke vun dese Kaarten zitt sech nämlech all Kéier iwwee ee gutt halleft Joer, au fur et à mesure wéi d'Memberen hier Cotisation bezuelen (ënner Ëmstänn no 2 Rappelen). Dëst Joer wäert dat lo nach sou bleiwen wéi et ëmmer war, mee fir d'nächst Joer wäert de Comité analyséieren op een do vläicht eng Alternative kéint fannen.

Et ass och nach eng Kéier drun erënnert ginn, dass et Aarbecht a Sue spuert, wann d'Memberen hier nei Adress matdeelen, wa se geplënnert sinn. Et ass nämlech net sou einfach rauszefanne wou verschidde Memberen higeplënnert sinn, well ee vun der Gemeng aus Dateschutz-Grënn keng Informatiounen kritt an den ILR deelweis d'Informatiounen och net huet oder dem Comité se net ka ginn. Sou sinn dann heiansdo komplizéiert a laangwiereg Recherchë noutwenneg...

### 3. Rapport vum Trésorier

Den Trésorier LX1IQ huet de Rapport iwwert den Exercice 2015 vun der Keess gemaach, datéiert op den 31. Dezember 2015.

#### D'Recetten am Résumé:

Kotisatiounen	10'387,00 €
Zënsen um Spuerkont	177,22 €
Diplomer	0,00 €
Reklammen am Bulletin	450,00 €
Participatioun Cours	160,00 €
Donen	58,85 €
Subsiden	1'440,00 €
Verkaf Material	137,91 €
Manifestatiounen	537,00 €
Divers	25,52 €
<b>Total vun de Recetten</b>	<b>13'373,50 €</b>

#### D'Dépensen am Résumé:

DARC + QSL Büro	1'632,31 €
Assurancen	1'036,85 €
IARU	420,83 €
ARDF	147,00 €
Diplomer	61,30 €
Manifestatiounen	435,98 €
Restena	40,00 €
Bulletin	1'311,78 €
Memberskaarten	151,87 €
Cours RA	312,50 €
Shack RL	307,18 €
Sekretariat	383,50 €
Annoncen an Zeitungen	308,88 €
Trésorerie Onkäschten	106,40 €
Public Relations Onkäschten	428,81 €
WG: Emergency communication	329,40 €
WG: HAMNET	679,70 €
WG: APRS	486,55 €
WG: DVC	1'219,37 €
WG: Voice repeater	542,99 €
WG: Balises	20,30 €
Divers	454,81 €
<b>Total vun den Dépensen:</b>	<b>10'818,31 €</b>

Als Resultat mécht den RL dann e Bonus vun **2'555,19 €** vum 01.01.2015 bis den 31.12.2015

Den 31. Dezember 2015 waren d'**Aktivposten**:

Kees Borgeld	0,00 €
CCP RL	7'529,32 €
Spuerbuch	30'247,77 €
<b>Total:</b>	<b>37'777,09 €</b>

### **Keesserevisioun**

D'Keesserevisioun ass vum Alfred LX1AR, Christian LX1FC an Heng LX1HD gemaach ginn. Den LX1FC huet stellvertretend erkläert, dass d'Keess propper gefouert ass an alles dokumentéiert ass. Si konnte keng Feeler feststellen.

D'AG huet dem Trésorier d'Décharge ginn.

Den LX1AR huet sech bereet erkläert d'Keess och d'nächst Joer rëm ze kontrolléieren. Als zousätzlech Réviseursen hu sech de Gilbert LX1GG a Claude LX3CL gemellt.

### **Rappelen**

Wéi d'lescht Joer wäert dëst Joer och rëm deen éischte Rappel, fir déi Leit déi hier Cotisatioun no dem Délai dee vun de Statute virgesinn ass nach net bezuelt hunn, per E-Mail rausgeschéckt ginn (falls eng E-mail-Adress an eisem Fichier steet). Déi Rappele per Post kaschten de Club nämlech all Joer relativ vill Suen (gedréckte Virement-Ziedel, Enveloppe, Timber). Dacks ass et sou, dass d'Leit et einfach just vergiess hunn... Nëmmen nach dee leschte Rappel wäert da per Courier geschéckt ginn.

## **4. Résumé vun de Rapporten vun de Managers a Working Groups**

Wéi schonn op der leschter AG, ass och des Kéier vum Secrétaire ee Résumé vun deene wichtigsten Themen vun deene verschiddene Manageren a Working Groups gemaach ginn.

D'Manager-Rapporten waren iwwer folgend Themen:

- QSL Büro
- Cours de Préparation fir den Examen

- EMC/PLC, CEPT an TVI/ITV
- Awards
- Activités VHF, UHF, SHF, balises
- SOTA

D'Working Group-Rapporten waren vu folgende Gruppen:

- Voice Repeater
- Digital Voice Communication
- APRS
- Packet-Radio an HAMNET
- JOTA / Scouts
- Emergency Communication
- ARDF

Déi komplett technesch Rapporten kann een an dësem Bulletin noliesen.

## 5. LX HF Marathon

De Philippe LX2A huet d'Resultater vum LX HF Marathon presentéiert. Gewënner vun dësem Joer an deene verschiddene Kategorien waren:

- Phone/Digi
  - Formula Class: LX1CC
  - Unlimited: LX1IQ
- CW
  - Formula Class: LX1NJ
  - Unlimited: LX1CW
- Youth < 30 Joer (all modes): fir des nei Klass hat kee Kandidat säi Resultat raginn.

Déi 4 Gewënner waren all présent, a kruten hier Plaquette iwwerreecht. De Klassement vun alle Memberen déi matgemaach hu kann een am Rapport vum Award Manager noliesen.

Den LX2A huet präziséiert, dass et u sech duergang wier, wann ee Participant an der Youth-Kategorie säi Resultat mat engem QSO ragereecht hätt, fir Gewënner ze sinn. Hien huet een Opruff gestart dass d'Leit einfach just hiert Logbuch musse rareechen.

Den LX HF Marathon wäert fir d'Joer 2016 no de selwechte Regeln lafen.

## 6. Budget 2016 a Cotisatioun

Den Trésorier huet folgende Budget fir d'Joer 2016 presentéiert:

### Recetten:

Kotisatiounen	9'500,00 €
Zënsen Spuerbuch	50,00 €
Diplomer	p.m.
Reklammen Bulletin	450,00 €
Cours RA	500,00 €
Donen	50,00 €
Subsiden	1100,00 €
Verkaf vu Material	100,00 €
Manifestatiounen	400,00 €
<b>Sous-Total:</b>	<b>12'150,00 €</b>
Mobilisatioun Réserven CCP	5'550,00 €
<b>Total vun de Recetten</b>	<b>17'700,00 €</b>

### Dépensen:

DARC + QSL Büro	1'600,00 €
Assurancen	1'100,00 €
IARU	500,00 €
Diplomer	100,00 €
Manifestatiounen	500,00 €
Restena	40,00 €
Bulletin	1'410,00 €
Cours RA	500,00 €
Shack RL	300,00 €
Sekretariat	450,00 €
Annoncen an Zeitungen	350,00 €
Trésorerie Onkäschten	100,00 €
Public Relations Onkäschten	600,00 €
WG: ATV	450,00 €
WG: ARDF	450,00 €
WG: Emergency communication	500,00 €
WG: HAMNET	2'500,00 €
WG: APRS	400,00 €
WG: DVC	3'000,00 €
WG: Voice repeater	1'200,00 €
WG: Balises	100,00 €
WG: JOTA	300,00 €
Participatioun u Membersaktivitéiten	450,00 €
Divers	800,00 €
<b>Total vun den Dépensen:</b>	<b>17'700,00 €</b>

Den Trésorier huet präziséiert, dass fir gewëssen Investissementer fir déi verschidde Working Groups e bësse méi Ausgaben geplangt gi si wéi di lescht Joeren. Et sinn och e puer Working Groups déi rëm méi aktiv wëlle ginn, an dofir dëst Joer och rëm ee Budget ugefrot hunn. De Comité huet probéiert ee globale Budget opzestellen wou all Working Group ee gewëssene Montant huet fir seng geplangte Projeten ze realiséieren. Leider hunn dofir all Working Groups hire gefrotene Budget liicht musse gekierzt kréien, mee eng Partie Projeten kenne jo op 2 Joer opgedeelt ginn.

Fir de Budget z'équilibréieren ass eng Mobilisatioun vu Reserven vun deene leschte Joeren virgesinn. Den Trésorier huet awer kloer gestallt, dass des Reserven um normale Konto sinn, sech also aus dem Boni vun deenen 2 leschte Joer zesummesetzen. De Comité brauch also fir de Budget z'équilibréieren näischt op d'Spuebuch vum Club sichen ze goen.

D'Cotisatioune si sou festgehal gi wéi se och d' lescht Joer waren:

- Normal Cotisatioun: 34 Euro
- Famillje-Cotisatioun: 8 Euro
- Studente-Cotisatioun: 8 Euro
- Spezial-Cotisatioun 17 Euro

## **7. Wale vum Comité**

Dëst Joer stoungen d'Wale vum Comité um Programm (deen all 2 Joer nei gewielt gëtt). Et hate sech 10 Kandidate gemellt fir 9 Posten ze besetzen, et huet also des Kéier mol wierklech rëm musse gewielt ginn.

21 Memberen hu sech vun engem aneren Member duerch eng Prokuratioun bei de Walen vertrieed gelooss, am ganze waren also 67 Stëmm-Ziedelen ausgezielt ginn. De Frank LX1MG a Marc LX1OM hunn de Walbüro geleet a während der Paus ausgezielt. Et hat 1 en ongültege Stëmm-Ziedel ofginn.



D’Kandidate waren (alphabetesch Reiefolleg vun de Ruffzeechen):

- |                    |       |            |
|--------------------|-------|------------|
| • Jean-Claude Duhr | LX1CU | 66 Stëmmen |
| • Christian Flora  | LX1FC | 64 Stëmmen |
| • Luc Engelmann    | LX1IQ | 64 Stëmmen |
| • Dan Jungels      | LX1JU | 65 Stëmmen |
| • Armand Erpelding | LX1MA | 64 Stëmmen |
| • Romain Weber     | LX1RW | 63 Stëmmen |
| • Arsène Thill     | LX1TB | 64 Stëmmen |
| • Carlo Trezzi     | LX1TI | 51 Stëmmen |
| • Philippe Lutty   | LX2A  | 61 Stëmmen |
| • Frank Wilhelm    | LX2AU | 17 Stëmmen |

Den neie Comité besteet also aus: LX1CU, LX1FC, LX1IQ, LX1JU, LX1MA, LX1RW, LX1TB, LX1TI an LX2A.

## 8. Divers

### 8.1 Scouten/JOTA

Den LX1HP huet d’Bemierkung gemaach, dass hien fir de JOTA gefrot gi war fir op Diddeleng hëllefen ze goen, an dass dat awer net efficace wier, wann hien iwwer 1 Stonn hin an 1 Stonn zrëck misst fueren, ouni d’Zäit anzerechnen déi ee bräicht fir dat ganz Material zesummen ze sichen. Dat wier ze wäit fir ze fueren, wann een duerno dann och nach eng frustrant Erfahrung misst maachen. Et wier besser ze kucken dass déi Leit déi am Norde géife wunnen ee Scouts-Grupp géifen encadréieren deen am Norde wier. Am beschte wier et och, wann een vun den OMen déi hëllefen net wäit wech géif wunne vum Scout-Site, fir dass net zevill Zäit géif verluer goen wann een eppes vergiess hätt an dat misst heem siche fueren.

De Comité wäert des Info un den JOTA WG weider ginn.

Et hat soss weider kee Member en Thema fir de Punkt Divers.

De President huet dem Vic LX1VJ Merci gesot dass hien eis d’Sonorisatioun dëst Joer zur Verfügung gestallt huet, an d’AG ass um 18:06 zougemaach ginn.

# **Rapport de l'AG 2016 en français**

## **1. Allocution du Président**

Le président LX1KQ a ouvert l'assemblée générale à Peppange au 1<sup>er</sup> étage du restaurant "Au musée" le 13 mars 2016 à 16h10. Il a remercié les quelques 46 membres qui ont été présents malgré le beau temps, entre autres le membre honoraire Heinz DK4XC. Il a salué spécialement le président de l'UBA, Claude ON7TK et son XYL Carine ON7LX, comme Vlad UA4WHX et son XYL Irina WA4WHX, également présents ce jour.

Après avoir résumé les principales activités de l'année écoulée, il a mis en évidence le rôle important de l'IARU pour les radioamateurs.

Finalement, il a remercié les personnes qui au cours de l'année ont participé aux activités et ont donné un coup de main au club.

## **Stations au Luxembourg et Membres**

Depuis la dernière assemblée générale, le membre suivant est entré dans les rangs des silent-key:

- Nico Hoffmann (LX1IT), licence depuis 1991, membre depuis 1987

L'assemblée a observé une minute de silence en sa mémoire.

De l'autre côté, il y a des nouvelles plus jouissantes. Depuis l'AG 2015, le club RL compte de nouveaux membres, ceux-ci sont en ordre alphabétique de l'indicatif:

- EA1YN            Josep Lluís Luque Puértolas
- LX1CHD        Chad Hickinbotham
- LX1KM         Michel Fries
- LX1KP         Krzysztof Pilasiewicz (\*)
- LX1KR         Mike Krier (\*)
- LX1TR         Roland Thill
- LX6ES         Erik Schumacher (\*)
- LX6OT         Tobias Oest

Les 3 nouveaux membres présents lors de l'AG (\*) ont reçu un petit "cadeau de bienvenu".

## 2. Rapport du secrétaire

Le secrétaire LX1JU a présenté les statistiques et informations suivantes du club.

En général, le nombre de membres en 2015 se présente comme suit:

<u>Groupe</u>	<u>Total</u>	<u>(Dont SK)</u>	<u>Cotisation pleine</u>	<u>Cotis. famille</u>	<u>Cotisation étudiant</u>	<u>Cotis. spéciale</u>	<u>Gratuit</u>
LX0	36						36
LX1-3	293	(1)	274	12	6	1	
LX4-5,7-8	5					4	1
LX6	3		2	1			
LX9	19					10	9
Sans indic.	4		4				
SWL	1		1				
Autres ind.	15		12			2	1
<b>Total</b>	<b>376</b>	<b>(1)</b>	<b>293</b>	<b>13</b>	<b>6</b>	<b>17</b>	<b>47</b>

Membres n'ayant plus cotisé en 2015:

<u>Groupe</u>	<u>Total</u>
LX1-3	26
LX4-5,7-8	2
Sans indicatif	3
Autres indicatifs	1
<b>Total</b>	<b>32</b>

Total des stations licenciées (suivant les informations disponibles au club):

<u>Groupe</u>	<u>Total</u>	<u>(Dont SK)</u>	<u>Abandon</u>	<u>Licences</u>
LX0	36			36
LX1-3	519	(4)	6	513
LX4-5,7-8	10			10
LX6	6			6
LX9	22		1	21
SWL	4			4
<b>Total</b>	<b>597</b>	<b>(4)</b>	<b>7</b>	<b>590</b>

Il se peut que les chiffres annoncés ne correspondent plus à 100%, vu les nouvelles directives en matière de protection des données, et par conséquent, la non-communication systématique par l'ILR.

## **Réunions du Comité**

Le comité s'est réuni 13 fois de mars 2015 à février 2016. Une multitude de sujets a cependant déjà pu être traitée par emails. Par contre les communications par emails ont parfois généré des rafales de messages en cas de nécessité d'un traitement urgent d'un sujet sans pouvoir attendre une réunion ordinaire du comité. Le comité tient à remercier aussi Christian, LX1FC, pour le coup de main lors de tâches administratives au comité cette année.

## **Moyens de communications du club**

L'année 2015-2016, l'émission QST a été élaborée et diffusée 10 fois pour informer les membres des nouvelles. En principe, la diffusion a été planifiée pour le dernier vendredi de chaque mois, à l'exception du mois de juin pour manque d'informations et le mois de décembre, où beaucoup de membres sont occupés par les festivités de fin d'année. Le comité tient à remercier Frank, LX1MG, et Vic, LX1VJ, pour avoir prêté leur voix à l'émission.

Pour cette année, il est planifié de rediffuser l'émission du vendredi également le dimanche suivant à 11 heures.

Une autre méthode de communication du comité pour diffuser des informations aux membres est la page web de l'RL. Marc, LX1OM, s'est occupé à entretenir ce site et à l'actualiser constamment. Le comité remercie Marc pour ce travail précieux et le temps investi pour réaliser rapidement les changements demandés.

Suite à des retours de la part de membres, constatant que les informations publiées de l'émission QST sur le site sont difficilement retrouvables, il a été décidé de publier les différents sujets en blocs suivant des articles séparés et d'abandonner la publication sous format PDF.

## **Les activités du club**

Vous trouverez ci-joint un résumé des activités les plus importantes de l'année écoulée:

- L'activation spéciale de l'indicatif LX90IARU lors des festivités de l'ARU du 1<sup>er</sup> au 30 avril 2015. Des détails peuvent être consultés au Bulletin 2/15.
- Le barbecue déjà traditionnel du 14 mai 2015 (Ascension) à Eisenborn a de nouveau été un succès. Cette année-ci vous pouvez d'ores et déjà réserver la date du 5 mai.
- Le 30 mai, l'RL a été présent au Congrès annuel de l'UBA, à Mons en Belgique.

- Une exposition a été organisée ensemble avec POST au musée de la poste du 12 mai à fin juin. Le sujet exposé était la télégraphie ancienne et moderne.
- Le weekend des musées a été accompagné de membres de l'RL avec présentation d'un atelier Morse.
- L'RL a été présent à la foire HamRadio de Friedrichshafen du 26 au 28 juin 2015 avec son propre stand ainsi que des informations et des highlights "multimédia". L'RL a profité de pouvoir participer aux différentes réunions de l'IARU qui sont organisées lors de cet évènement. Actuellement, les préparations sont déjà en cours pour préparer la prochaine édition.
- Du 7 au 10 août 2015, un évènement international LX9YL a été organisé à Eisenborn au shack du club par Sophie, F4DHQ (membre du RL) lequel a été supporté par l'RL.
- Le 17 et 18 octobre, le traditionnel Jamboree on the Air a été organisé. En cas d'intérêt pour 2016, prière de contacter jota@rlx.lu (LX3GR) pour des informations anticipées.
- Le 14 novembre 2015, l'RL se présentait au salon des radioamateurs SAARLORLUX de Quierschied, évènement agrandi cette année vu l'anniversaire des 80 ans du OV Q08.
- Du premier au dernier décembre 2015, le club a participé à l'activation des indicatifs des jeunes, YOTA, youngsters on the air avec l'indicatif luxembourgeois LX4YOTA. Cet évènement permet aux jeunes, mêmes non encore licenciés, de pratiquer la radio.
- La réunion mensuelle s'est tenue chaque mois, sauf en mars et en décembre.
- Chaque dernier vendredi du mois, une soirée club était organisée à Eisenborn au shack, avec entre autres un atelier de construction de fixations en croix.
- Le Bulletin a été publié 2 fois pendant l'année 2015. Merci à ceux qui ont contribué au contenu, comme pour la préparation des enveloppes.
- Même que fréquentés très peu cette année, des cours de préparation à l'examen de l'ILR ont été organisés au campus de l'université de Luxembourg au Kirchberg.

## **IARU**

Au niveau international, l'IARU a fêté ses 90 ans. Les festivités se concentraient autour d'avril, mois de fondation de l'organisation à Paris, et pendant lequel l'RL a été QRV avec l'indicatif spécial LX90IARU.

L'initiative de l'IARU pour pouvoir utiliser une bande autour des 5MHz figurait déjà à l'ordre du jour de la dernière AG. Au cours de cette année, et lors de quelques réunions ensemble avec l'ILR, le sujet a été approfondi pour préparer la World Radio Conference WRC-15 à Genève.

Les négociations étaient si dures à Genève, que seulement un consensus sur une largeur de bande de 15kHz a été trouvé. Le mode opératoire de la conférence radio mondiale peut être relu au Bulletin 2/14.

Au cours de la période de la conférence, Ken Yamamoto JA1CJP profitait pour rendre visite au Luxembourg pendant un weekend, pendant lequel différents sujets ont pu être discutés, entre autres les modalités des négociations de Genève.

En avril 2016, une réunion IARU région 1 Interim Meeting se tiendra à Vienne, pour laquelle l'RL ne sera pourtant pas présent personnellement, mais suivra les discussions. Actuellement, les différents "papers" ont été discutés et les résultats seront suivis.

## **ILR**

Les relations ont été agréables avec l'ILR au cours de la dernière année. Il y a eu quelques demandes de renseignements de la part de l'administration et le comité a essayé d'y pouvoir répondre rapidement.

Actuellement, l'ILR est en train d'élaborer un nouveau règlement concernant les indicatifs d'appel pour tout le Luxembourg, pour lequel l'RL a également donné son avis et des propositions de changements.

Une nouvelle version des documents ECC(05)06 (concernant la licence novice) et TR61-01 sont en cours de traitement.

Une demande d'allocation anticipée de la bande des 5MHz a été introduite auprès de l'ILR. En effet, selon la réglementation WRC-15, la bande serait uniquement disponible pour le 1<sup>er</sup> janvier 2017, mais l'administration est d'accord d'accélérer la procédure au Luxembourg. L'octroi est attendu pour environ juin 2016. Malheureusement l'octroi concerne en LX seulement la bande originale et non étendue des 15kHz qui a été fixée lors de la WRC-15 (5351,5-5366,5 kHz), avec une puissance d'émission de 15W EIRP. On peut relever que l'ILR a été très coopératif, et ne voit pas de problèmes à étendre ces limites. Il s'agit ici plutôt des restrictions formulées par nos pays voisins. Il est aussi rappelé que le service d'amateur est utilisateur secondaire dans les 5MHz, donc nous n'avons pas le droit de nous imposer face à un utilisateur principal (cf. interférences interdites).



### Informations internes

Actuellement, chaque membre reçoit sa carte de membre en carton pour l'année en cours par voie postale dès qu'il a payé sa cotisation. Dans le temps, où le Bulletin est paru 4 fois pendant l'année, il était possible d'envoyer les cartes de membre ensemble avec le Bulletin sans qu'il y avait un délai intolérable. Depuis que les éditions du Bulletin sont réduites à 2, les cartes de membres sont envoyées par voie postale, ce qui engendre un travail considérable, comme des frais supplémentaires (impression, timbres, enveloppes, ...). Les travaux d'envoi durent environ 6 mois, tout dépend du moment de paiement de la cotisation des membres, parfois uniquement après 2 rappels. Il a été décidé de maintenir la procédure pour cette année, mais il sera analysé s'il est possible de changer la méthode et le support pour mieux convenir à notre mode de fonctionnement.

Il est également intéressant de noter que votre engagement pour nous signaler des changements d'adresse après un déménagement peut nous épargner des recherches fastidieuses et coûteuses. Il n'est pas facile de rechercher les adresses actuelles, vu les directives de protection de données. Merci!

### 3. Rapport du trésorier

Le rapport du trésorier se résume comme suit:

Les **recettes** se présentent comme suit:

Cotisations	10'387,00 €
Intérêts compte d'épargne	177,22 €
Diplômes	0,00 €
Publicité au Bulletin	450,00 €
Participation cours	160,00 €
Dons	58,85 €
Subsides	1'440,00 €
Vente de matériel	137,91 €
Manifestations	537,00 €
Divers	25,52 €
<b>Total des recettes</b>	<b>13'373,50 €</b>

Les **dépenses** se présentent comme suit:

DARC + Bureau QSL	1'632,31 €
Assurances	1'036,85 €
IARU	420,83 €
ARDF	147,00 €
Diplômes	61,30 €
Manifestations	435,98 €
Restena	40,00 €
Bulletin	1'311,78 €
Cartes de membres	151,87 €
Participation cours	312,50 €
Shack du RL	307,18 €
Secrétariat	383,50 €
Annonces dans les journaux	308,88 €
Frais de trésorerie	106,40 €
Frais de représentation	428,81 €
WG: Emergency communication	329,40 €
WG: HAMNET	679,70 €
WG: APRS	486,55 €
WG: DVC	1'219,37 €
WG: Voice repeater	542,99 €
WG: Balises	20,30 €
Divers	454,81 €
<b>Total des dépenses:</b>	<b>10'818,31 €</b>

Le résultat se présente sous forme d'un bénéfice de **2555,19 €** pour l'exercice du 01.01.2015 au 31.12.2015

Au 31 décembre 2015, les **actifs** étaient:

Caisse	0,00 €
CCP RL	7'529,32 €
Compte épargne	30'247,77 €
<b>Total:</b>	<b>37'777,09 €</b>

### Révision de caisse

Le contrôle des comptes a été effectué par Alfred LX1AR, Christian LX1FC et Henri LX1HD. LX1FC, en tant que représentant des réviseurs de caisse, a expliqué que les comptes sont tenus de manière très propre et transparente. Aucune erreur n'a pu être constatée.

L'AG a donné la décharge au trésorier.

LX1AR s'est porté candidat pour contrôler de nouveau la caisse pour l'année 2016, ainsi que les nouveaux réviseurs LX1GG, Gilbert, comme LX3CL, Claude. Merci à eux.

### **Les rappels**

Comme d'habitude, les rappels suivront la méthode suivante: le premier rappel sortira par email suivant le délai prévu par les statuts si la cotisation n'a pas été virée (si une adresse mail a été fournie). Uniquement un second et dernier rappel sortira par courrier postal. La raison est le coût des rappels (fiches virement, enveloppes, timbres,...). Il est rappelé que les cotisations servent à réaliser la plupart de nos projets, ne gaspillons pas les fonds. Souvent la raison d'un non-paiement est simplement un oubli. Merci pour votre soutien!

## **4. Résumé des rapports des managers et Working Groups**

Comme l'année dernière, le secrétaire a présenté les activités des différentes Working Groups de manière raccourcie pour ne pas trop allonger l'AG. Les rapports détaillés sont publiés au Bulletin dans des articles séparés.

Les rapports des managers étaient:

- Bureau QSL
- Cours de Préparation pour l'examen
- EMC/PLC, CEPT et TVI/ITV
- Awards
- Activités VHF, UHF, SHF et balises
- SOTA

Les rapports concernant les Working Groups étaient:

- Les relais voice
- Communications digitales (DVC)
- APRS
- Packet-Radio et HAMNET
- JOTA / Scouts
- Emergency Communications
- ARDF

## 5. LX HF Marathon

Philippe, LX2A a présenté les résultats de l'LX HF Marathon. Les vainqueurs de 2015 dans les différentes catégories sont:

- Phonie/Digi
  - Formula Class: LX1CC
  - Unlimited: LX1IQ
- CW:
  - Formula Class: LX1NJ
  - Unlimited: LX1CW
- Youth / Jeunesse (moins de 30 ans): aucune entrée de données n'a été enregistrée dans cette nouvelle classe.

Tous les vainqueurs ont été présents et ont reçu une plaquette d'honneur. Le classement intégral est à relire dans le Bulletin.

LX2A a précisé, que pour la nouvelle classe des jeunes, il aurait suffi de rentrer un QSO pour gagner le concours. Il a lancé un appel pour une participation plus importante pour garder plus le suspense jusqu'à l'AG.

L'LX HF Marathon pour cette année 2016 suivra les mêmes règles.

## 6. Budget 2016 et Cotisations

Le trésorier a présenté le nouveau budget 2016 qui se présente comme suit:

### Recettes :

Cotisations	9'500,00 €
Intérêts compte d'épargne	50,00 €
Diplômes	p.m.
Publicité au Bulletin	450,00 €
Participation cours	500,00 €
Dons	50,00 €
Subsides	1100,00 €
Vente de matériel	100,00 €
Manifestations	400,00 €
<b>Sous-Total:</b>	<b>12'150,00 €</b>
Mobilisation réserves CCP	5'550,00 €
<b>Total des recettes</b>	<b>17'700,00 €</b>

## Dépenses :

DARC + Bureau QSL	1'600,00 €
Assurances	1'100,00 €
IARU	500,00 €
Diplômes	100,00 €
Manifestations	500,00 €
Restena	40,00 €
Bulletin	1'410,00 €
Participation cours	500,00 €
Shack du RL	300,00 €
Secrétariat	450,00 €
Annonces dans les journaux	350,00 €
Frais de trésorerie	100,00 €
Frais de représentation	600,00 €
WG: ATV	450,00 €
WG: ARDF	450,00 €
WG: Emergency communication	500,00 €
WG: HAMNET	2'500,00 €
WG: APRS	400,00 €
WG: DVC	3'000,00 €
WG: Voice repeater	1'200,00 €
WG: Balises	100,00 €
WG: JOTA	300,00 €
Participation activités de membres	450,00 €
Divers	800,00 €
<b>Total des dépenses:</b>	<b>17'700,00 €</b>

Il a en outre précisé que les investissements dans les différents WG ont été augmentés par rapport aux dernières années. Il y a aussi des WG qui comptent reprendre des activités et ont formulé une demande de budget. En vue de satisfaire tous les WG, un budget global équilibré a été élaboré et pour cette raison, pas tous les WG ont reçu le budget demandé, ces projets devront alors être répartis sur 2 ans.

En raison de l'équilibrage du budget, une mobilisation des réserves a été planifiée. Il est précisé que ces réserves se trouvent sur le compte courant normal et le compte d'épargne ne sera pas touché.

Les cotisations pour 2016 restent dès lors inchangées et sont:

- de 34 Euro pour les cotisations normales
- de 8 Euro pour les cotisations familiales
- de 8 Euro pour les cotisations d'étudiants et
- de 17 Euro pour les cotisations spéciales.

## 7. Election du comité

Des élections étaient prévues cette année-ci comme stipulé dans les statuts du RL. 10 personnes ont formulé une candidature pour 9 postes à pourvoir, des élections avec comptage ont cette fois donc été réellement nécessaires.

21 membres se sont faits représenter par procuration, en tout 67 bulletins d'élection ont été distribués. Frank, LX1MG, et Marc, LX1OM ont géré le bureau de vote et ont compté et vérifié le résultat. 1 bulletin a été non valable, 66 bulletins ont été pris en compte.

Les candidats se présentaient comme suit (en ordre alphabétique des indicatifs):

• Jean-Claude Duhr	LX1CU	66 votes
• Christian Flora	LX1FC	64 votes
• Luc Engelmann	LX1IQ	64 votes
• Dan Jungels	LX1JU	65 votes
• Armand Erpelding	LX1MA	64 votes
• Romain Weber	LX1RW	63 votes
• Arsène Thill	LX1TB	64 votes
• Carlo Trezzi	LX1TI	51 votes
• Philippe Luty	LX2A	61 votes
• Frank Wilhelm	LX2AU	17 votes.

La composition du nouveau comité est donc: LX1CU, LX1FC, LX1IQ, LX1JU, LX1MA, LX1RW, LX1TB, LX1TI et LX2A.



## 8. Divers

### 8.1 Scouts/JOTA

LX1HP, Paul, a fait la remarque qu'il a été demandé de participer dans un groupe à Dudelange, ce qui présente des inconvénients du point de vue trajet. Il a proposé de mettre en place une communication transparente pour informer chacun des demandes de la part des scouts et répartir les groupes de façon à respecter une certaine proximité entre le chalet et le QTH des amateurs. Cette méthode améliorerait aussi la réactivité en cas d'oubli d'équipements.

Le comité fera suivre ces remarques au JOTA WG.

Aucune autre remarque ne fut émise pour le point divers.

Le président a remercié Vic, LX1VJ, pour avoir mis à disposition l'installation de sonorisation (comme les dernières années), avant de clôturer l'assemblée générale à 18h06.

---



Den neie Comité vum RL / Le nouveau comité du RL

## **Rapport vum QSL Bureau 2014–2015**

LX1CX

2015 war den QSL Service bis op engem Clubowend zu Esebur fläisseg während dem ganzen Joer op allen Monatsversammlungen aktiv.

5 Netmemberen hunn vun der Reglementatioun déi op der AG 2015 gestemmt ginn war profitéiert, sou dass Si no perséinlecher Ufro beim QSL Büro hier Kaarten no der Iwwerweisung vum fällegen Montant op den Kont vum RL heem geschéckt kruten.

Elo awer zu den Fakten, am incoming woren et em déi 17,14 kg aus folgenden Länner (Spuenien, Japan, Däitschland, Dänemark, Russland, Taiwan, Kanada, Island, China, Kuwait, Rumänien, Guatemala, Norwegen, Südafrika, Ukraine, Holland, Schweden a Malta), den outgoing ass op 43,962 kg ze chiffrieren wat eng Dépense vun 161,47 Euro woren, den Emballage net matgerechent, dobäi kennt nach eis Pauschal déi un den DARC bezuelt gëtt, sou dass si eis Kaarten sécher un déi respektiv Büroen weiderschécken.

Ech well nach eng Kéier drop opmierksam maachen, dass QSL Kaarten net nëmmen zu Peppeng an der Monatsversammlung, mee och zu Esebur um Clubowend ewechgeholl kenne ginn.

Iwwert déi meescht positiv Echoen hunn ech Mech gefreet, an sinn och weiderhin bereet mech voll a Ganz als QSL Managerin fir d'Saison 2016/2017 fir den RL anzesetzen.

73 vum Claudine är QSL Managerin.

## **Rapport vun de Keesserevisoren**

LX1FC

De Christian Flora LX1FC huet am Numm vun deenen 3 Keesserevisoren d'Resultat vun hierer Keesserevisioun vum 26.01.2016 matgedeelt. Si hunn den Zoustand vun der Keess vum RL bis an den Detail exakt gefouert viirfonnt an hu viir all réel Dépense oder Recette déi néideg Dokumenter fonnt. Si hunn dem Luc Engelmann LX1IQ Merci fir déi gudd Aarbecht gesoot, an d'Assemblée générale gebieden, dem Trésorier Décharge ze ginn.

---

## **Rapport vum Cours de préparation** **an Examen 2015-2016**

LX1MA

Vun Oktober 2015 bis Januar 2016 goufen d'Preparatiounscoursen vum RL fir d'Radioamateurslizenz erëm am Sall C02 vun der UNI-Lëtzeburg um Campus Kirchbierg ofgehalen.

De Programme vum Cours, dee schon op de Säiten 18-19 am Bulletin 2/15 beschriwe war, huet missen un déi nei Reglementatioun an dee nei Froekatalog, déi een um Site vum ILR enner „www.ilr.lu - Fréquences/R&TTE - Examens - Service d'amateurs” fënnt, ugepasst gin.

Vun de 6 Kandidaten, déi am Examen beim ILR ugetruede sin hun der 3 den HAREC-Examen an 3 de NOVICE-Exame gemach. Déi 4 Kandidate vum RL (3xHAREC an 1xNOVICE) hun den Exame bestanen. Déi 2 aner Kandidaten hun de NOVICE Examen och bestanen.

### **Felicitatioun vum RL fir seng Kandidaten.**

Zum Schluss awer och nach e Merci un d'Instrukteren (LX1HW, kurzfristeg och den LX1GG, LX1GU, LX1KQ, LX3GR, DL7BX, LX1JM an LX1MA) déi och Méindes an Donneschdes owes Zäit opbruecht hun fir d'Coursen ze halen.

*Eng Foto vun de Kandidaten kann een op der Récksäit vum Bulletin gesinn.*

# EMC, PLC, CEPT, TVI/ITV


LX1MA

Um internationale Niveau ass d'IEC (International Electrotechnical Commission) zoustännech fir Norme festzeleeen. Fir Stéierungen am Beräich vum Funkwiesen huet d'IEC en CISPR (Comité International Spécial des Perturbations Radioélectriques) bei deem mir durch déi 2 kompetent Amateuren Chris Verholt (OZ8CY) an Thilo Kootz (DL9KCE), chairman EMC-Committee IARU-R1, vertruede sin.

An Europa ass d'CENELEC (Comité Européen pour la Normalisation Electrique) fir europäesch Normen (EN) zoustännech.

Zu Lëtzebuerg ass den ILNAS (Institut Luxembourgeois de Normalisation de l'Accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services) déi zoustännech Instanz, déi derfir surge muss dass keng Equipementer op de Marché kommen déi net de Normen iwer elektromagnéitesch Kompatibilitéit entsprechen.

## Struktur vun de Normungsorganisatiounen



## **CEPT:**

Nach ëmmer si 5 Dokumenter vun der CEPT fir ons Amateure vun Importenz:

- TR 61-01: iwer de Betriib vun HAREC-Amateurstationen am Ausland
- TR 61-02: iwer den Examensprogramm fir d'HAREC-Lizenz
- ERC Report 032: iwer den Examensprogramm fir d'NOVICE-Lizenz
- ECC/REC (05)06: iwer de Betriib vun NOVICE-Amateurstationen am Ausland
- CEPT/ERC 62-01: iwer d'Benotzung vum LF-Band 135,7-137,8 kHz

All dës Dokumenter fënnt een um site vun der CEPT, ënner [www.cept.org/ecc](http://www.cept.org/ecc) an der Rubrik "ECC Deliverables", "ECC Recommendations/ECC Reports" wou een och den Text kann eroflueden.

An der Rubrik "Implementation" gesäit een dass den ILR dës Recommendationen/Rapporten zu Lëtzebuerg applizéiert.

## **TVI/ITV:**

2015 huet den ILR keng Reklamatiounen krut bei deenen Radioamateurstationen d'Ursach waren.


Et waren am Joer 2015 awer Amateurstationen déi durch aner Sache gestéiert gi sin, an zwar:

